N°1119
Entrée le 21.08.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.08.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/08/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Am Jugendhaus zu Péiteng gouf viru Kuerzem eng Tombola gemaach, woubäi Bongen, mee och Spillkonsole verspillt goufen. D'Missioun vun engem Jugendhaus ass et u sech, fir sozio-edukativ a kulturell Aktivitéiten op engem gemeinsamen Treffpunkt fir Jonker unzebidden. Esou steet et Mol an der Statute vun der ASBL vu Jugendhaus geschriwwen. Iwwerdeems gëtt d'Jugendhaus finanziell vum Ministère fir Bildung a Jugend subventionéiert. Et ass dofir duerchaus der Wäert sech d'Fro ze stellen, ob d'Organisatioun vu Gléckspiller dëser Missioun gerecht gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wat denkt de Minister doriwwer, dass eng ASBL, déi Jonke sozio-edukativ a kulturell Aktivitéiten zouféiere soll, hir Ressourcen (an domadder och déi vu staatleche Subventiounen) benotzt, fir Gléckspiller z'organiséieren? Ënnerstëtzt de Minister dës Aktivitéiten?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1119 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

D'Jugendhaus Péiteng huet eng Tombola am Kontext vum Projet „Le tour d'Europe" organiséiert. Dëst ass e Laangzäit-Projet fir 2024, deen et Jonken erlaabt, verschidden Haaptstied an Europa wärend de Schoulvakanze kennen ze léieren. Wärend dëser Summervakanz stounge Prag, Wien a Budapest um Programm.

Déi Jonk finanzéieren de Projet zu engem groussen Deel selwer an déi Tombola ass eng vun de Méiglechkeeten, fir de Projet mat ze finanzéieren. Et sinn dem Jugendhaus duerch d'Tombola keng Ressourcen ewechgeholl ginn, mee et goufe Sue fir de Projet gesammelt. D'Jugendlech hunn nieft der Tombola och nach aner Aktiounen ënnerholl, fir de Projet ze finanzéieren, wéi zum Beispill e Grillstand oder de Verkaf vu Paangecher bei lokalen Evenementer. Iwwer dës Weeër hunn déi Jonk léiere kënnen, datt et Efforte kascht fir e Finanzement zesummenzedroen.

D'Jugendhaus huet eng offiziell Autorisatioun vun der Gemeng fir dës Tombola ugefrot an och kritt. D'Konditioun war, datt 40 % vun de Gesamtrecetten aus der Tombola als Gewënnerlousen erausginn an dofir waren z. B. déi Spillkonsolen oder Bongen mat dobäi.

D'Tombola war also Deel vun engem gréissere Projet, deen et Jonken erlaabt huet, hiren Horizont ze erweideren a Stereotyppe vis-à-vis vun Nationalitéiten a Fro ze stellen, andeem si aner Kulture kenne léiere konnten. Déi Jonk waren agebonnen an déi verschidden Etappe vum Projet an hu Responsabilitéiten iwwerholl. An deem Kontext ass eng Tombola ze veräntwerten.

Lëtzebuerg, de 7. Oktober 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH